# Naturschoul Lasauvage - Newsletter Oktober 2017

## 1. Umeldungen

Ganz vill Leit si schon ugemellt fir an d’Naturschoul. Fir déi déi et nach net gemaach hunn, Rdv. op www.naturschoul.lu

Villmools merci am Viraus

## 2. Geschichtsfrënn Déifferdeng – Korspronk

D’Naturschoul huet sech all déi Ausgaben vum Korspronk vun den Déifferdenger Geschichtsfrënn kaf, dei nach net vergraff waren, fir iech se och kënnen zur Verfügung ze stellen. Déifferdenger Geschichtsfrënn si säit Joeren ee ganz aktive Grupp dee régelméisseg immens flott Publikatiounen iwwert Déifferdeng a seng Geschicht erausbréngt. Oft sinn do ganz flott Saachen fir ären Unterrecht mat derbäi. Dir kënnt ab elo folgend Nummeren bei eis ausgeléint kréien:

| | | |
|---|---|---|
| *Korspronk N° 6* | *1981* | *Titelberg, Les Differdangeois à l’Aube de l’Ere Industrielle* |
| *Korspronk N° 9* | *1985* | *La Château de Gerlache* |
| *Korspronk N°10* | *1986* | *La vie de François du Rieux* |
| *Korspronk N°12* | *1989* | *150 Joer Onofhängegkeet* |
| *Korspronk N°13* | *1991* | *Le 10 mai 1940 à Differdange* |
| *Korspronk N°14* | *1992* | *Chronique de la „Baache Millen“* |
| *Korspronk N°15* | *1993* | *En passant par le „He’sengergrond“* |
| *Korspronk N°16* | *1994* | *25 ans „Amis de l’Histoire Differdange“* |
| *Korspronk N°17* | *1997* | *D’Amerikaner sin do* |
| *Korspronk N°19* | *2003* | *100 ans de laminage de poutrelles Grey* |
| *Korspronk N°22* | *2009* | *D’Chiers* |
| *Korspronk N°23* | *2010* | *Miami University, Schmelz, Barock a Gothik* |
| *Korspronk N°24* | *2011* | *Lasauvage* |
| *Korspronk N°26* | *2013* | *Lasauvage, le fer des nobles* |
| *Korspronk N°27* | *2017* | *D’Aarbechten an de Minen* |

*Differdange 1907 – 2007*

Dir fannt weider Informatiounen iwwert dee flotte Veräin op: www.korspronk.lu

Dir kënnt och weiderhinn eisen centre de documentation vun der Naturschoul notzen an deem mir déi lescht Joeren ganz vill Literatur fir an a ronderem d’Natur gesammelt hunn.
www.naturschoul.lu - Home – Centre de documentation

Hei den direkte Link:
https://ssl.education.lu/eduLibrary/LibrarySearch.aspx?LibraryId=5763ad97613cc7273027118a#$0$24$%5B%22Book%22%2C%22Video%22%2C%22Audio%22%5D$DateCreated-desc$table

## 3. Zäitschrëft Natur an Technik




Mëttlerweil misst jidderee vun iech déi éischt Ausgab vun eiser Zeitung „Natur an Technik“ kritt hunn.

Mir maachen nach eemol een Opruff un all déi Leit déi hier Visite an der Naturschoul resp. Technikschoul mat engem Beitrag fir déi nächst Editioun wëllen vervollstännegen.

Merci am Viraus

## 4. Rollénger Millen

Säit dësem Schouljer ass d’Naturschoul och an der Rollénger Millen (Lamadelaine) aktiv déi ganz professionnell a flott vun der Gemeng Péiteng zesumme mam Sites et Monuments an d’Rei gesat ginn ass.

Déi Déifferdenger a Péitenger Klassen déi un enger Unitéit iwwert d’Käremillen an d’Liewen fréier op der Millen interesséiert wieren elo am Wanter kënne sech ganz gäre bei eis dofir mellen.

nature.lasauvage@ecole.lu

mat frëndleche Gréiss aus der Naturschoul
Marc, Roby, Georges a Laurent